# FNEL SummerCamp ‚den ODYSSEY' - SaveTheDate




**LÉIF SCOUTEN, EXPLORER, ROVER an natiirlech LÉIF CHEFFEN,**

Wéi's du scho matkritt hues, si mir frou dech op de nächste Federalscamp vun der FNEL ze invitéieren. A wat fir ee Camp eis do erwaart ! Zesumme gi mir an d'Land vun den Tulpen, Wandmillen an Gouda! Jo du hues et erroden - Mir ginn an Holland! Mee net nëmmen dofir sinn sie bekannt. Komm mir entdecken Holland zesummen an esou ewéi dir et nach nie gesinn hutt. Mir beginn eis dofir op eng Rees ronderëm Zäitalter vun der gëllener Epoch, vun den groussen holländeschen Entdecker an Kënschtler! Mat iwwer 26 % vu senger Fläsch ënnert dem Mieresspigel an ville Polderen bitt Holland eis eng perfekt Kuliss fir ee Federalscamp, wéi mir en nach net gesinn hunn. Kommt mat eis op des Aventure an erlieft Scoutismus puer, mat villen Outdoor Aktivitéiten, enger rieseger Campplaz direkt um Waasser, onbeschreifleche Momenter an du schléiss och nach Frëndschafte fir d'Liewen !
D'Pré-Inscriptioune sinn ofgeschloss an elo gi mir an déi definitiv Umeldungen eriwwer déi integral iwwert däi Grupp lafen.

**Wéini & Wou :** **19. Juli 2025 - 2. August 2025** am **Scoutscentrum Zeewolde - Holland**
(Oppassen! D'Scouten mussen den 1. September 2024, 11 Joer al sinn fir matzegoen!)

**Praiss :** **650€**
1. Acompte 250,00 € - 15/11/2024 - net remboursabel
2. Acompte 250,00 € - 20/02/2025 - remboursabel bis den 21/05
3. Acompte 150,00 € - 21/05/2025 - remboursabel bis den 01/07
FNEL Camp Fédéral - BGLLLULL LU10 0030 5397 3672 2000 - Commentaire: ODYSSEY25 - ScoutsGrupp - Virnumm Numm

**Unmelldung :** Ass oofgeschloss !!!
> Wann's du den AC01 (non remboursable - 250€) un d'FNEL iwwerwisen hues an d'Souche bei déngem Chef vun de LionsBleus oofginn hues **bis den 15.November 2024 !**!!

Ech ..........................................................
erlaaben méngem
Scout/Explorer/Rover/SC-Chef/EX-Chef

..........................................................
**um Camp Féderal ‚ODYSSEY25'** vum **19.07.-02.08.2025** vun der FNEL an Holland deelzehuelen.

Ënnerschrëft vun den Elteren ...........................................

Aide de financement : D'FNEL ass oppe fir all Mënsch, ouni, ënnert anerem, se fir hier sozial Hierkonft oder hir Verméigen ze ënnerscheeden. Esou steet et an de Statute vun der FNEL geschriwwen. A fir all Scout d'Méiglechkeet ze ginn un engem Federalscamp deel ze huelen, besti verschidde Méiglechkeete fir deenen ënnert d'Äerm ze gräifen, déi net esou gutt do stinn. Dest kennen, zesumme mam Grupp an der FNEL, Finanzéierungshëllefen sinn oder och nach d'Opdeele vun de Käschte vum Camp op verschidden Mensualitéiten. Zéckt net äre Gruppechef oder d'FNEL (campfederal@fnel.lu) dorobber unzeschwätzen / schreiwen.

Mir freeën eis, dech mat ob dëst onvergiessbar Rees matzehuelen an zesummen nei Erfarungen an Entdeckungen ze maachen.

**Groetjes, Äre Staff**